1-2020-O-7-6355-01 (n°3461)

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE

22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven

7757 - Finanzement vun der 3. Phase vum LST

Lëtzebuerg, den 11/03/2021

1

# Motioun

**D'Deputéiertechamber stellt fest:**

- dass d'Santé eng Rei Statistiken iwwert d'Testaktivitéit zu Lëtzebuerg op data.public.lu veröffentlecht;
- dass beim "Testing" just PCR-Tester berécksiichtegt ginn;
- dass d'Sportveräiner um héchsten Niveau aktuell reegelméisseg all hir Sportlerinnen, Sportler an Encadranten mat Schnelltester op den Sars-Cov-2 testen;
- dass dës Resultater weder an den "Rapports journaliers" nach an de "Rapports hebdomadaires" vun der Santé optauchen;
- dass d'Resultater vun de Veräiner mussen iwwer myguichet.lu digital iwwerdroe ginn;
- dass den Educatiounsminister den Asaz vu Schnelltester och an de Schoulen ugekënnegt huet

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:**

1. D'Unzuel an d'Resultater vun de Schnelltester, déi am Kader vu flächendeckende Programmer (zum Beispill am Sport oder an der Schoul) gemaach ginn, och an de Rapporte vun der Santé opzeféieren.

Sven CLEMENT